

D'Resultat vum Vott ass: 60 Jo-Stëmme bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun. De Projet de loi ass also mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl ginn.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. Fernand Etgen), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel ;

M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

3. 8444 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2025 [...]

8445 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2024-2028 (suite)

An da komme mer elo zur Ofstëmmung iwwert de Staatsbudget fir d'Joer 2025, de Projet de loi 8444. Den Text steet am Document parlementaire 8444¹³.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8444 et dispense du second vote constitutionnel

An hei fänkt d'Ofstëmmen och elo un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: 35 Jo-Stëmme bei 25 Nee-Stëmmen. Dëse Projet de loi ass also mat 35 Jo-Stëmme géint 25 Nee-Stëmmen ugeholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel.

Ont voté non : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Yves Cruchten) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber hei och d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass och dat esou decidéiert.

An da komme mer direkt zur Ofstëmmung iwwert d'Programmation financière pluriannuelle, de Projet de loi 8445. Den Text steet am Document parlementaire 8445¹¹.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8445 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. De Quorum ass erreecht. Vote par procuration. An de Vott ass ofgeschloss.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 35, Nee: 25. Dëse Projet de loi ass also och ugeholl mat 35 Jo-Stëmme géint 25 Nee-Stëmmen.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp (par Mme Stéphanie Weydert), MM. Maurice Bauer, Jeff Boonen, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nathalie Morgenthaler), Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering (par M. Gusty Graas), Fernand Etgen, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella, Lydie Polfer et M. Gérard Schockmel.

Ont voté non : M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert (par M. Georges Engel) et M. Ben Polidori ;

MM. Jeff Engelen, Dan Hardy, Fred Keup, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig ;

Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum (par M. David Wagner) et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

4. 8436 – Comptes du service intérieur de la Chambre des Députés pour l'exercice 2023

Als nächste Punkt stinn d'Chamberkonte vum Joer 2023 um Ordre du jour. D'Riedezäit ass hei nom Basismodell festgeluecht an deemno follgendermoossen: De Rapporteur huet 10 Minutten, déi eenzel Fraktiounen a Sensibilitéite 5 Minutten, d'Regierung

10 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: d'Madamm Françoise Kemp, den Här Guy Arendt, d'Madamm Djuna Bernard. An elo huet den honorablen Här Tom Weidig als Rapporteur d'Wuert an hie presentéiert eis Konten. Här Weidig.

Rapport de la Commission des Comptes

M. Tom Weidig (ADR), rapporteur | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Härren, a menger Fonctionnion als President vun der Kontekommission presentéieren ech heimat de Rapport vun eiser Kommission zu den interne Konte vun der Chamber. D'Roll vun der Kontekommission nom Artikel 176 vum Chambersreglement ass et, d'Konte vun der Chamber, déi vun eise Finanzservice opgestallt goufen a vum Bureau vun der Chamber guttgeheescht gi sinn, ze kontrolléieren. An dat och mat Hëllef vun engem Reviser.

De Reviser PKF Audit & Conseil huet d'Konte vun der Chamber fir d'Joer 2023 kontrolléiert an de 26. September 2024 e positiven Avis ginn: „D'Konten an d'Resultat op den 31. Dezember 2023 beschreiwen déi finanziell Situatioun vun der Chamber a si si konform zu den ze applizéierende Reegelen opgestallt ginn.“

D'Kontekommission huet e Rapport vun de Konte presentéiert kritt de 7. November 2024 vum Här Rychlicki, Chef vum Finanzservice, an all Member vun der Kommission hat d'Méiglechkeet, Froen ze stellen. Dëse Rapport ass eestëmmeg vun eis ugeholl ginn a läit Iech elo zur Ofstëmmung vir.

Ech wëll dem Här Rychlicki a sengem Team villmools Merci soe fir hir Aarbecht. Vu dass ech an de leschte Jore berufflech vill mat Kontabilitéit ze dinn hat, muss ech soen, datt d'Konte professionell op héijem Niveau gefouert ginn. An op all meng Froen hunn ech eng gutt Äntwert kritt.

Ech wollt nach kuerz e puer Wieder zu de Konte selwer soen.

Déi nei Finanzsoftware fonctionnéiert elo gutt a si erlaabt, gläichzäiteg de Chambersbudget wéi och d'Kontabilitéit en temps réel ze féieren, wat d'Transparenz vun de Chambersfinanze signifikant stäerkt.

De Staat huet der Chamber eng Enveloppe budgétaire vun insgesamt 59,3 Milliounen fir d'Joer 2023 zoukomme gelooss. Mat der Befreiung vu Reserven an engem Remboursement fir d'Wale louchen d'Recettë bei insgesamt 65,7 Milliounen.

Déi reell Depensé par rapport zum Budget waren 58,9 Milliounen, wat ongeféier 10 % manner wéi de Budget war.

D'Reserv ass fir den 1. Januar 2024 bei 15,4 Milliounen Euro.

D'Depensé sinn awer par rapport zu 2022 ëm 7,9 Milliounen Euro geklommen, an dat wéinst e puer Facteuren: Éischstens, d'Variatioun vum Index vu bal 6 %; zweetens, d'Schafe vun 13 zousätzlechen Aarbechtsplazen op 164 Posten; drëtzens, d'Walen, e Remboursement, Indemnités de départ; véiertens, Renovatiounsarbechte vun der Maison Gilly; a fénneftens divers IT-Projeten.

Et kommen och nei Aufgaben op d'Kontekommission zou.

Ab dem Joer 2025 kontrolléiert d'Cour des comptes d'intern Chamberskonten. Hire Rapport wäert vun der Kontekommission analyséiert ginn.

An dann ab 2026 wäert d'Cour des comptes och d'Konte vun de Fraktiounen a Sensibilitéite kontrolléieren. Dëse Rapport wäert och vun der Kontekommission analyséiert ginn.

Dësen Exercice bréngt eng besser Transparenz, mee ech hoffen, datt dat ouni onnéideg administrativ

Belaaschtunge fir d'Fraktiounen a Sensibilitéiten oflafe wäert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, domat sinn ech um Enn ukomm an ech géif Iech am Numm vun eiser Kommissioun bidden, eise Rapport vum Exercice 2023 guttzeheeschen, an de President froen, dës Resolutioun an de Rapport un d'Cour des comptes weiderzeleeden.

Merci.

Résolution

La Chambre des Députés,

vu le rapport de sa Commission des Comptes,

approuve les comptes de l'exercice 2023 et prie son Président de transmettre la présente résolution et le rapport de la Commission des Comptes à la Cour des comptes pour y être enregistrés.

(s.) Tom Weidig.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Weidig, fir d'Resolutioun. Merci och fir Äre Rapport, deen Der hei gemaach hutt.

An dann ass den éischte Riedner d'Madamm Françoise Kemp. Madamm Kemp.

Discussion générale

Mme Françoise Kemp (CSV) | Merci villmools fir d'Wuert, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir begrëssen dee positiven Avis vum Réviseur d'entreprises agréé. Des Weidere wëlle mir dem Här Rychlicki e grouse Merci soe souwéi senger Ekip. An ech ginn heimadder den Accord vu menger Fraktioun.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Kemp. Här Arendt.

M. Guy Arendt (DP) | Merci, Här President. Ech schlësse mech am Fong de Wieder vun der Madamm Kemp un. Merci un all déi, déi um Kont hei geschafft hunn. A mir kënnen och nëmmen eisen Accord ginn dozou.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Arendt. Madamm Bernard.

Mme Djuna Bernard (déi gréng) | Merci, Här President. Den Här Rychlicki a seng Ekip si bekannt derfir, dass se eng ganz gewëssenhaft an akribesch Aarbecht maachen. Och dat hu mer hei erëm gesinn. Mir soen him villmools Merci a ginn den Accord fir d'Konten.

Une voix | Très bien!

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Madamm Bernard. Ech gesinn elo ... Här Fayot.

M. Franz Fayot (LSAP) | Jo, voilà, ech soen dann och dem Här Rychlicki a seng Ekip Merci fir déi gutt Aarbecht, déi se gemaach hunn. A mir approuvéieren natierlech déi Konten och mat.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot. Soss ass elo keng Wuertmeldung. An da soen ech, datt d'Diskussioun heimadder ofgeschloss ass.

An esou, wéi d'Chambersreglement et virgesäit, stëmme mer elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Kontekommissioun virgeschloen huet.

Ass d'Chamber domat averstanen, par main levée iwwert dës Resolutioun ze stëmmen?

(Assentiment)

Vote sur la résolution

Da bidden ech déi, déi mat der Resolutioun vun der Kontekommissioun averstane sinn, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ass een dergéint?

Enthält ee sech?

Dat ass net de Fall. Dann ass dës Resolutioun à l'unanimité ugeholl.

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, gëtt dës Resolutioun mam Rapport vun der Kontekommissioun un d'Cour des comptes weidergereecht.

5. Résolution relative aux comptes de l'exercice 2023 de la Cour des comptes

Mir kommen elo zu eise nächste Punkt vum Ordre du jour, d'Resolutioun iwwert d'Konten vun der Cour des comptes fir d'Joer 2023. D'Riedezäit ass folgendermoosse festgeluecht: Den Auteur vun der Resolutioun huet 5 Minutten, all Fraktioun 5 Minutten an all Sensibilitéit 2 Minutten. Et hu sech schonn ageschriwwen: den Här Guy Arendt an den Här Tom Weidig.

An elo huet den honorabelen Här Franz Fayot als Auteur-rapporteur vun der Resolutioun d'Wuert.

(Interruption)

Jo, Här Fayot, d'Prozedur ass esou. Dir musst elo ee Wuert doriwwer soen.

(Hilarité)

Dépôt et exposé

M. Franz Fayot (LSAP), auteur | Merci, Här President. Ech weess, dass ech elo hei géif gestengegt ginn, wann ech laang heizou schwätzen. Dofir wäert ech dat och sécher net maachen. Den Exercice ass alljoers, wéi Der wësst, fir eng Resolutioun ze adoptéieren zu deene verschiddene Konten vun deene Satellitte vun der Chamber, soen ech emol.

Ugefaange mat der Cour des comptes, wou mer effektiv d'Rapport vum Réviseur gekuckt hu fir d'Cour des comptes, deen näischt ze beanstanden hat, an dofir dann och recommandéieren, déi Konten do ze approuvéieren. An an deem Sënn deposéieren ech hei déi éischt Resolutioun dozou.

Résolution

La Chambre des Députés,

– vu le rapport du réviseur des comptes de la Cour des comptes qui estime que « les comptes annuels [...] présentent sincèrement dans tous leurs aspects significatifs la situation financière de la Cour au 31 décembre 2023 ainsi que les résultats pour l'exercice clos à cette date, conformément à la loi modifiée du 8 juin 1999 sur le budget, la comptabilité et la trésorerie de l'État et aux principes comptables applicables à la Cour tels que définis par le Collège de la Cour et tels que détaillés en note 2 des comptes annuels » ;

– vu l'accord de la Commission de l'Exécution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes marqué suite à l'analyse des comptes en question lors de sa réunion du 2 décembre 2024,

approuve

les comptes de l'exercice 2023 de la Cour des comptes.

(s.) Franz Fayot.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot.

Da ginn ech dem Här Arendt d'Wuert. Här Arendt.

Discussion générale

M. Guy Arendt (DP) | Merci, Här President. Mir sinn op alle Fall och derfir, déi Resolutioun ze stëmmen.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Arendt. Här Weidig.

M. Tom Weidig (ADR) | Mir sinn och derfir.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Weidig. Sinn nach aner Wuertmeldungen? Dat schéngt mer net de Fall ze sinn. Dann ass et esou ... Mir musse fir d'éischt ofstëmmen, Här Fayot, an da kommt Dir direkt erëm.

(Hilarité)

Et ass e gewëssenen Dynamismus haut an der Chamber. Dat ass ganz flott esou. Da komme mer och virun.

Esou, wéi d'Chambersreglement et virgesäit, stëmme mer elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Budgetskontrollkommissioun virgeschloen huet.

Ass d'Chamber domat averstan, par main levée iwwert dës Resolutioun ze stëmmen?

(Assentiment)

Jo?

Vote sur la résolution

Ech bidden also all déi, déi mat der Resolutioun d'accord sinn, d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Ass een dergéint?

Enthält ee sech?

Dat ass net de Fall. Dann ass dës Resolutioun à l'unanimité ugeholl.

Esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, gëtt dës Resolutioun un d'Cour des comptes weidergereecht.

6. Résolution relative aux comptes de l'exercice 2023 de l'Ombudsman

Da komme mer zum nächste Punkt vun eise Ordre du jour, d'Konten vum Ombudsman fir d'Joer 2023. D'selwecht Prozedur wéi virdrun.

Här Fayot, elo ass et un Iech.

Dépôt et exposé

M. Franz Fayot (LSAP), auteur | Merci, Här President. Dir hutt dat elo schonn alles gesot. Hei geet et ëm d'Konten vum Ombudsman. An deem Sënn deposéieren ech hei eng Resolutioun dozou.

Résolution

La Chambre des Députés,

– vu le rapport du réviseur des comptes de l'Ombudsman qui estime que « les états financiers [...] de l'Institution pour l'exercice clos le 31 décembre 2023 ont été préparés, dans tous leurs aspects significatifs, conformément au règlement financier et comptable intérieur du Médiateur du Grand-Duché de Luxembourg » ;

– vu l'accord de la Commission de l'Exécution budgétaire avec le rapport du réviseur des comptes marqué suite à l'analyse des comptes en question lors de sa réunion du 2 décembre 2024,

approuve

les comptes de l'exercice 2023 de l'Ombudsman.

(s.) Franz Fayot.

M. Claude Wiseler, Président | Merci, Här Fayot.

Wëllt een dozou d'Wuert huelen? Dat ass net de Fall.

Esou wéi den Artikel 5 vum ofgeännerte Gesetz vum 22. August 2003 iwwert de Mediateur an d'Chambersreglement et virgesäit, stëmme mir elo iwwert d'Resolutioun of, déi d'Budgetskontrollkommissioun virgeschloen huet.

Ass d'Chamber domat averstanen, par main levée iwwert dës Resolutioun ze stëmmen?

(Assentiment)